Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

# TKS Sitzung vum 5. Dezember 2023

| | | | |
|---|---|---|---|
| **Louis Baruzzini** | **Steve Blasen exc.** | **Steve Degano exc.** | |
| **Claude Ernst** | **Jean-Marc Hoffmann** | **Christiane Huberty** | **Uwe Jakoby** |
| **Patrick Molitor exc.** | **Gilles Mores exc.** | | |

## 1. Eenzel- an Tandemmeeschterschaften 2023-2024

De Claude huet de Planning fäerdeg an en ass um Site.

Donneschdeg 11/01/2024 : di éischt 2 Blëck kéint de JM eventuell do sinn. Mär froen de Gilles op komme kann. Falls näischt geet, froe mär de Jules. D'Nicole an d'Sandra gi gefrot fir éischter ze spillen. D'Carol kënnt a Fro, wann di 2 net éischter kënne spillen.

Donneschdeg de 25/01/2024: Huby a JM

Donneschdeg den 01/02/2024 : Uwe, Huby, Claude

## 2. LN-Cup: Verlousung um 18:30

Als eenzeg Härenekipp hëllt Bourscheid D net deel. Et sinn also 11 Ekippen, dat heescht fir di 1. Ronn ginn et 5 Fräilouser. De KSC Honnerter-Performance A huet als Coupegewënner an de KSC Honnerter-Performance B als Finalist automatesch e Fräilous.

| | |
|---|---|
| KSC Bourscheid A – KSC Diddeleng | Bunnen 5-8 |
| Bieles 2000 – Honnerter/Performance C | Bunnen 1-4 |
| Bourscheid B – Amicale Post A | Bunnen 5-8 |

Fräilousen : Doaunes & Accises, Amicale Post B, Bouscheid C

## 3. WM Herne

D'Coach-Team stellt de Kader nach virun de Feierdeeg zesummen. Gespillt gett Eenzel an Ekippen. Beim Eenzel ginn et eventuell 2 Disziplinnen: 80 an 120 Klatzen. D'WM ass vum 14. Bis 18. Mee.

## 4. 3-Bunne-Weltmeeschterschaft

Di next Woch ginn d'Kadere festgesat. Gespillt gëtt den 19. an 20. Mee.

**Partenaires de la F.L.Q.**

LOTERIE NATIONALE

hummel
www.lupa69.com

WILWERT
depuis 1952

52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

## 5. World-Cup: Versammlung mat de Veräiner ab 18:45

Am Allgemengen sinn eis Veräiner net prinzipiell géint e World-Cup a Brasilien, opwuel och hei d'Meenung ass, dass d'NBS prioritär sollt versichen fir eng Weltmeeschterschaft a Brasilien ze organiséieren. D'Angscht besteet, dass verschidde Länner (Belsch, Frankräich) keng Ekippe wäerten dohinn geschécken an dass et dann kee reguläre Welt-Cup ka sinn. Derbäi kënnt nach, dass d'Ekippen eventuell net a Beschtbesetzung untrieden, well eenzel Spiller vläicht net bereet sinn matzegoen.

Als Vertrieder vun der FLQ wäerte mär der NBS eis Bedenken matdeelen. Nom Dialog mat der NBS, gett eventuell eng wieder Versammlung mat de Vreräiner aberuff.

## 6. Verschiddenes

### a. Entrevue mat de Coachen vum 24. November 2023

De Rapport vun der Entrevue gouf duerchdiskutéiert. All d'Memberen vun der TKS sinn sech eens, dass de Coaching während de Kadertraininger méi intensiv muss ginn.

**Next Sitzung ass den 26. Januar um 17:30 zu Péiteng**

**Mat beschte Gréiss**

**Jean-Marc**

**Partenaires de la F.L.Q.**

LOTERIE NATIONALE

hummel
www.lupa69.com

WILWERT
depuis 1952